Club Sportif Grevenmacher
a.s.b.l.
R.C.S. Luxembourg F382

Correspondance:

Club Sportif Grevenmacher
Boîte postale 60
L-6701 GREVENMACHER

E-Mail: contact@csg.lu
Web: www.csg.lu

Champion de Luxembourg et participant Champions League: 2003
Vainqueur de la Coupe de Luxembourg: 1995 - 1998 - 2003 - 2008
Champion promotion: 1947 - 1970 - 1976 - 1985
Participant UEFA: 1994 - 1995 - 1996 - 1997 - 1998
2000 - 2001 - 2002 - 2003 - 2004
2006 - 2008 - 2009 - 2010 - 2012

Gréiwemaacher, den 08. Mee 2025

**Betreff: Stellungnam zur Affär FC Syra Mensdorf - CS Grevenmacher**

Mat groussem Entsetzen huet den CSG d’Urteel vun der Cour d’appel vun der FLF vum 30. Abrëll 2025 zur Kenntnis geholl. An dësem confirméiert d‘Cour d’appel d’Urteel vum Verbandsgeriicht eng zweete Kéier, eng 3-0 Défaite duerch Forfait an eng Geldstrof.

Déi iewescht Instanz fir Sportäffaren, de CLAS (Commission luxembourgeoise d’arbitrage pour le sport), huet an hirem Jugement d’Urteel vun der Cour d’appel vun der FLF vum 9. Oktober 2024 annuléiert, mat der Begrënnung, datt den CSG zur quasi héchst méiglecher Strof op sportlechem Plang condamnéiert gouf, dat obwuel d’Urteel net ausräichend motivéiert war an dat net nogewisen gouf, datt den Acte vun der „Projection de salive“, absichtlech geschitt ass.

D’Cour d’appel „motivéiert“ elo an hirem neien Urteel, datt net nogewise konnt ginn, datt d’“Projection de salive“ duerch eng chirurgesch Interventioun beim Auteur, kuerz Zäit virun der Renconter, ausgeléist gouf. Och hei insistéiert den CSG nach eng Kéier, datt esou eng chirurgesch Interventioun zu enger Iwwerproduktioun vu Speechel féieren „kann“, mam Risk vun onkontrolléiertem Projezéieren. Zu kengem Moment hunn den CSG an den Auteur awer behaapt, datt déi Interventioun exklusiv de Grond gewiescht wier. Den CSG an den Auteur insistéiere weiderhin, datt den Acte ongewollt war.

Weider baséiert sech d’Cour d’appel op d‘Direktive vun der CAF, datt den Arbitter keen anere Choix gehat hätt, wéi de Match ofzebriechen. Déi Direktiven, déi och an der Sëtzung vum CLAS zum Virschäin koumen, schwätzen awer kloer dovun, datt den Arbitter ofbrieche muss, wann e Spiller op en Offizielle späizt, wat jo hei kloer net de Fall war. Och ass d’Cour d’appel an deenen 2 Instanzen net op d’Aussoe vun engem neutralen Zeien agaangen, deen ënner Eed confirméiert huet, datt den Auteur net absichtlech gespaut huet.

Den CSG huet haut d’Commission de conciliation saiséiert, an ass an enke Berodungen mat sengem Affekot fir weider Schrëtt ze plangen, an der Hoffnung, datt dës Affär schnellstméiglech traitéiert gëtt, fir sou séier wéi méiglech Kloerheet ze kréien an d’Saison propper ofzeschléissen.

De Virstand vum Club Sportif Grevenmacher